

ALPHA – zesumme wuessen

Handout zu der Presentatioun

Juli 2026



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Säit 1: « ALPHA – zesumme wuessen »

“ALPHA – zesumme wuessen” ass eng wichteg Reform am Lëtzebuurger Schoulsystem, déi am Schouljoer 2026/2027 a Kraaft trëtt. Si bitt de Kanner d'Méiglechkeet, am Cycle 2 an där Sprooch liesen a schreiwen ze léieren, déi si am beschte verstinn: Däitsch oder Franséisch.

Säit 2: *Les objectifs de la réforme*

Domat gëtt der sproochlecher Diversitéit zu Lëtzebuerg Rechnung gedroen an et gëtt méi geziilt op déi ënnerschiddlech Sproochkenntnisser vun de Kanner agaangen. Sou huet all Kand déi bescht méiglech Startchancen.


Dobäi ass et wichteg ze ënnersträichen, datt duerch “ALPHA – zesumme wuessen” d'besteeënd Offer net ännert: Schülerinnen a Schüler, fir déi et am einfachsten ass op Däitsch liesen a schreiwen ze léieren, kënnen dat och weiderhi maachen. Fir déi aner Schülerinnen a Schüler kënnt eng zousätzlech Optioun dobäi.

D'Zil vun der Reform ass et, d'Léiere vun Ufank u méi gerecht an accessibel ze maachen an d'Kanner optimal op d'Realitéit zu Lëtzebuerg an op den Iwwergang an de Secondaire virzebereeden. Dofir ass eng zolidd Basis an deenen zwou Sproochen, Däitsch a Franséisch, wichteg.

Et geet net drëms, zwou separat Filiëren opzebauen, mee d'Alphabetiséierung an enger Sprooch unzebidden, déi am beschte bei de Kanner hir Sproochkenntnisser an hiert sproochlecht Ëmfeld passt. An där Sprooch fält hinnen d'Liesen- a Schreiweléieren am einfachsten an dëst erméiglecht hinnen dann och, eng zweet Sprooch besser ze léieren.

Wéi den Numm “ALPHA – zesumme wuessen” et scho seet, stinn d'Méisproochegkeet an de gemeinsame Schoulalldag am Mëttelpunkt. D'Kanner bleiwen Deel vun hirer Klass an treffe sech nëmme fir d'Sproocheléieren, an eventuell d'Mathé, an hirer jeeweileger ALPHA-Grupp.

Esou gëtt de sozialen Zesammenhalt gestärkt, während all Kand déi beschtméiglech Ënnerstëtzung fir säi Léierwee kritt. D'Reform ass domat fir vill Kanner zu Lëtzebuerg eng Chance.



Säit 3: *Alphabétisation <—> Apprentissage d'une langue*

Alphabetiséierung ass net dat selwecht wéi eng Sprooch léieren:

D'Alphabetiséierung ass de Prozess, bei deem ee liesen a schreiwe léiert – Kompetenzen, déi et engem Mënsch erméiglechen, schrëftlech Texter ze verstoen an ze schreiwen.

D'Liesen- a Schreiwelérieure baut op der geschwate Sprooch op. All Sprooch huet hir Ee-genheeten, zum Beispill bei de Lauter, de Wieder an dem Sazbau. Sou hunn zum Beispill d'Lëtzebuergesch an d'Däitsch e vergläichbare Sazbau, an och déi franséisch a portugisesch Sprooch.

Fir datt d'Schülerinnen an d'Schüler Buschtawe sécher mat Lauter verbanne kënnen, musse si d'Lauter vun där Sprooch gutt héieren, ënnerscheeden an erëmerkenne kënnen. Gutt mëndlech Sproochkenntnisser hëllefen hinnen, Wieder ze erkennen, korrekt Sätz ze bilden an Texter ze verstoen. Dës Fäegkeete vereinfachen d'Liesen- a Schreiwelérieure. Dofir ginn dës Kompetenzen am Cycle 1 iwwer zwee Joer systematesch op Lëtzebuergesch opgebaut a geübt, fir eng zolidd Grondlag fir den Ufanksunterricht am Liesen a Schreiwen ze schafen.

Wann eng Schülerin oder e Schüler gläichzäiteg eng nei Sprooch léiert an an där neier Sprooch parallel liesen a schreiwe léiert, dann ass dat immens usprochsvoll. Schülerinnen a Schüler, déi d'Alphabetiséierungssprooch oder eng Sprooch, déi no do dru läit, scho gutt schwätze kënnen, kënnen sech besser op d'Liesen- a Schreiwelérieure konzentréieren, ouni zousätzlech iwwer d'Bedeutung vun de Wieder oder de Sazbau nodenken ze mussen. Dat entlaascht si a mécht den Iwwergang an de Cycle 2 méi liicht.

“ALPHA – zesumme wuessen” erméiglecht all Schülerin a Schüler sech d'Basiskompetenzen am Liesen, Schreiwen a Rechnen an där Sprooch unzëeegnen, déi am beschte bei hir oder seng Sproochkenntnisser an d'sproochlecht Ëmfeld passt, sief et op Däitsch oder op Franséisch.

Et ass also net ze recommandéieren, eng Alphabetiséierungssprooch ze wielen, déi méi wäit vun der Familljesprooch vum Kand ewech ass, nëmme mam Zil eng nei Sprooch zwee Joer éischter ze léieren. Ëmsou méi, well am Cycle 3 de Schwéierpunkt op d'Entwécklung vun de Kompetenzen an där Sprooch geluecht gëtt, an där d'Kand net alphabetiséiert gouf.

Säit 4: *Cycle 1*

Säit 5: *Langues au cycle 1*

Am Cycle 1 ass d'Lëtzebuergesch Sprooch souwuel d'Unterrichtssprooch, wéi och d'Integratiounssprooch.

D'Lëtzebuergesch Sprooch spillt eng wichteg Roll an och d'phonologesch Bewusstheet ass op Lëtzebuergesch. Hunn d'Schülerinnen an d'Schüler hei eng gutt Basis, da kënnen dës Grondfäegkeeten an aner Sproochen transferéiert ginn. Am Kader vum *Éveil aux langues* fannen och all déi aner Sproochen aus der Klass hir Plaz, dat valoriséiert a stäerkt och d'Familljesproochen vun de Schüler.

Während dem ganze Cycle 1 ginn d'Sproochkompetenze vun de Schülerinnen an de Schüler observéiert. Dobäi spillen net nëmme d'Sproochen am Elterienhaus eng Roll, mee och déi aus de Bildungs- a Betreuungsstrukturen, déi d'Kand besicht. Et gëtt festgehalten, mat wéi enge Sproochen d'Kand a sengem Ëmfeld a Kontakt kënnt an a wéi enge Schoulsproochen sech d'Kand am sécherste fillt respektiv wéi eng et am léifsten huet.

Op Basis vun dësen Observatiounen ginn d'Elteren ënnerstëtzt, aus den zwou Méiglechkeeten déi passend Alphabetiséierungssprooch fir de Cycle 2 ze wälen. Nodeems dës Choix geholl gouf, ginn am leschten Trimester Aktivitéiten op Däitsch oder op Franséisch duerchgefouert, fir all de Schülerinnen an de Schüler d'Méiglechkeet ze bidden, ënnert de beschte Konditiounen liesen a schreiwen ze léieren.

Säit 6: *Choix de la langue d'alphabétisation au cycle 1*


Während de Bilansgesprächen an den éischten Trimestere vum Cycle 1 ginn d'Eltere beim Choix vun der Alphabetiséierungssprooch fir hiert Kand guidéiert.

Zesumme mat den Eltere gëtt analyséiert, wéi eng Alphabetiséierungssprooch (Däitsch oder Franséisch) am beschten zu hirem Kand passt, andeems d'Krittären zum Choix vun der Alphabetiséierungssprooch duerchgeholl ginn.

D'*Équipe pédagogique* deelt den Elteren doropshin eng Recommandatioun, baséierend op den Observatiounen, déi elo grad beschriwwen goufen, fir d'Alphabetiséierungssprooch mat.

Am Laf vum 5. Trimester vum Cycle 1 huelen d'Elteren hir Decisioun betreffend d'Alphabetiséierungssprooch fir hiert Kand an ënnerschreiwen zesummen e Formulaire.

Am 6. Trimester gëtt d'Schülerin oder de Schüler duerch geziilt Aktivitéiten op Franséisch oder op Däitsch op déi jeeweileg Alphabetiséierungssprooch virbereet.



Säit 7: Critères pour le choix de la langue d’alphabétisation

D’Krittären, no deenen d’Alphabetiséierungssprooch gewielt gëtt, sinn an 3 Kategorien agedeelt:

- d’Sproochesituatioun an der Famill an am Ëmfeld vum Kand,
- de Sproocheprofil vum Kand,
- d’Perspektive vun der Famill.

1. Sproochesituatioun an der Famill an am Ëmfeld vum Kand

An dëser éischter Kategorie gëtt zesumme mat den Eltere gekuckt, mat wéi enge Sproochen d’Kand haaptsächlech a Kontakt ass. Dozou gehéieren d’Sproocher vun den Elteren, d’Sprooch, déi am Alldag an der Famill geschwat gëtt, an d’Sprooch(en) an de Betreuungsstrukturen, wéi zum Beispill Crèche oder Maison relais. Dës Informatiounen erlaben et, de sproochlechen Hannergrond vum Kand besser ze verstoen.

2. Sproocheprofil vum Kand

An der zweeter Kategorie gëtt de Fokus op d’Fäegkeete vum Kand geluecht. Hei gëtt festgehalen, wéi eng dem Kand seng staark Sprooch ass a wéi eng Sprooch et am léifste schwätzt. Donieft gëtt gekuckt, wéi gutt et d’Schoulsproochen (Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch) schwätzt a versteet an ob et sech fir Aktivitéiten an dës Sproochen interesséiert, déi an der Schoul ugebuede ginn. Dobäi gëtt sech och op d’Beobachtungen an d’Aschätzunge vun den Enseignanten aus dem Cycle 1 baséiert, déi d’Entwécklung vun de sproochlechen Kompetenze vun de Schülerinnen a Schüler iwwer eng méi laang Zäit begleet an dokumentéiert hunn.

3. Perspektive vun der Famill

An der drëtter Kategorie gëtt d’Familljesituatioun mat abezunn.

Als éischt gëtt festgehalen, a wéi enger Sprooch d’Elteren hiert Kand am beschte bei senger Léierprozesser ënnerstëtze kënnen.

Duerno gëtt gekläert, wat d’Integratiounssprooch vun der Famill zu Lëtzebuerg ass, also déi Sprooch, déi si am Alldag benotzt, beispillsweis beim Akafen oder am Kontakt mat ëffentlechen Dénkschter. A fir ofzeschlësse ginn d’Projete vun der Famill beschwat. Vläch handelt et sech ëm eng lëtzebuergesch Famill an doheem an am Ëmfeld gëtt zum gréissten Deel Lëtzebuergesch geschwat. Dann ass de Wee iwwer d’Däitsch liesen a schreiwen ze léieren dee passenden. An anere Fäll kënnen Elteren hir Erwaardungen a Punkto Sproocheléieren erklären a vläch léieren och si grad eng nei Sprooch. Et gëtt dann och berücksichtegt, ob d’Famill just kuerz oder méi laang am Land bleift an dofir déi eng oder aner Sprooch méi relevant fir si ass. D’Zil ass, d’Famill aktiv an de Bildungsprozess vum Kand anzubannen an hir Roll ze berücksichtegen.

Déi dräi Kategorië vu Krittären ergänze sech: d’Sproochesituatioun weist den Hannergrond, de Sproocheprofil stellt d’Kompetenzen duer, an d’Perspektive vun der Famill bréngen d’Erwaardungen an d’Ënnerstëtzungsméiglechkeete mat eran. Zesummen erlabe si eng ganzheetlech Vue fir de beschte Choix fir d’Alphabetiséierungssprooch ze treffen.

Säit 8: *Arbre des langues*

De [Sproochebam](#) vum ECML (*European Centre for Modern Languages of the Council of Europe*) ass e visuell Hëllefsmëttel, dat weist, wéi déi verschidde Sprooche matenee verbonne sinn, a wéi eng Sproochen zu där selwechter Famill gehéieren.

Däitsch ass eng germanesch Sprooch an zum Beispill no um Lëtzebuergeschen an Hollänneschen. Dës Sproochen hu gemeinsam Wuerzelen, besonnesch am Wuertschatz an an e puer grammatesche Strukturen.

Franséisch ass dergéint eng romanesch Sprooch an zum Beispill no um Italieeneschen, Spueneschen, Portugiseschen a Rumäneschen. Dës Sprooche kommen aus dem Latäin an och si weisen Änlechkeeten an der Grammatik an am Wuertschatz.

Dës Verbindung tëscht de Sproochefamilljen an de Sproochkompetenze vum Kand ass wichteg: wann e Kand an enger Sprooch liesen a schreiwe léiert, wou et scho gutt Kompetenzen huet, da fält dat him vill méi liicht.

Säit 9: *Matériel didactique cycle 1 - SILA*

Am Cycle 1 erméiglecht de Programm "[Phonologesch Bewosstheet mam Sila](#)", d'Schülerinnen an d'Schüler iwwer d'Lauschteren, de Reim an d'Silb op eng spilleresch Aart a Weis lues a lues un den Ulaut an de Laut am geschwate Wuert an der Lëtzebuerger Sprooch erunzeféieren.


De Programm preparéiert d'Schülerinnen an d'Schüler och schonn immens gutt op d'Alphabetisatiounssproochen, well een Deel vun de Kompetenzen an der phonologescher Bewosstheet op Lëtzebuergesch och kann an aner Sproochen iwwerdroe ginn.

Phonologesch Bewosstheet bedeit, datt e Kand léiert, op d'Kläng vun der Sprooch opzepassen an domat ze spillen.

Zum Beispill:

- Lauter a Wieder lauschteren, erkennen an zouuerdnen,
- Reimer erkennen (Haus – Maus),
- Wieder a Silben zerleeën (Ba-nann),
- den éischte Laut an engem Wuert héieren (de Laut M bei Mamma),
- Lauter zesummesetzen, fir e Wuert ze bilden.

Kuerz gesot: Phonologesch Bewosstheet ass d'Fäegkeet, d'Kläng an de Wieder ze héieren, ze erkennen an domat ëmzegoen. Si hëlleft de Kanner, méi einfach liesen a schreiwen ze léieren.



Säit 10: *Matériel didactique cycle 1 – Sproochekëscht*

D'*Sproochekëscht* setzt sech aus sproochlechen Aktivitéiten zesummen, fir Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch ze üben. Si decken déi fënnef *Sous-Domaines* vum *Domaine de développement et d'apprentissage* « *Langage, langue luxembourgeoise, éveil aux langues et préparation aux langues d'alphabétisation* » aus dem neie *Plan d'études* of:

- Mëndlechen Ausdrock,
- Héierverstoen,
- Phonologesch Bewusstheet,
- *Éveil aux langues*,
- Virbereedung op d'Alphabetiséierungssproochen.

Säit 11: *Exemples d'activités*

Nodeems d'Elteren hir Decisioun betreffend d'Alphabetiséierungssprooch fir hiert Kand am 5. Trimester getraff hunn, ginn d'Schülerinnen an d'Schüler mat gezielten Aktivitéiten op hir jeeweileg Alphabetiséierungssprooch virbereet.

Déi Schülerinnen a Schüler, déi am Cycle 2 op Däitsch wäerten alphabetiséiert ginn, huele reegelméisseg un Aktivitéiten op Däitsch deel, a mat de Schülerinnen a Schüler, déi am Cycle 2 op Franséisch wäerten alphabetiséiert ginn, gi spezifesch Aktivitéiten op Franséisch gemaach.

Säit 12: *Cycles 2 et 3*

Säit 13: *Langues aux cycles 2 et 3*

D'Schülerinnen an d'Schüler sinn ëmmer zesummen an enger Klass, just an de Sproochen (an eventuell an der Mathé) gi si an Differenzéierungsgruppen, déi ALPHA-Gruppe genannt ginn.

An de Fächer, déi am *Groupe-classe* gehale ginn, gëtt haaptsächlech Lëtzebuergesch geschwat, d'Unterrechtmaterialie sinn awer op Däitsch a Franséisch.

Fir de Sproochenunterricht (Däitsch a Franséisch) ginn d'Schülerinnen an d'Schüler also an deen ALPHA-Grupp, deen hirer Alphabetiséierungssprooch entsprécht.

Déi Schülerinnen a Schüler, déi op Franséisch alphabetiséiert ginn, hunn am Cycle 2 néng Unterrechtseenheete Franséisch an eng Unterrechtseenheet Däitsch (just mëndlech). Am Cycle 3 hu si méi Däitschunterricht an d'Ziel vun Unterrechtseenheeten am Franséische geet erof, fir e gutt Gläichgewiicht tëscht den zwou Sproochen hierzestellen.

Fir déi Schülerinnen a Schüler, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn, ass et genee ëmgedréit. Si hunn am Cycle 2 néng Unterrechtseenheeten Däitsch an eng Unterrechtseenheet Franséisch (just mëndlech). Am Cycle 3 hu si méi Franséischunterricht an d'Ziel vun den Unterrechtseenheeten am Däitsche geet erof.

All d'Schülerinnen an d'Schüler léieren also déi dräi offiziell Sproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch), an haten um Enn vum Cycle 3 déi selwecht Unzuel un Unterrechtsstonnen am Däitschen an am Franséischen, onofhängeg vun hirer Alphabetiséierungssprooch. D'Reiefolleg vum Sproocherwerb vum Franséischen a vum Däitsche gëtt dobäi just ëmgedréit.

Säit 14: Vidéos explicatives

An dësem Video gëtt erkläert, wéi d'Organisatioun vun de Klassen an den ALPHA-Gruppen an de Cyclen 2 an 3 funktionéiert.

(De Video ass an zwou Sproochen disponibel: Lëtzebuergesch a Franséisch. Et gëtt en awer och mat Ënnertitelen op Portugisesch an op Englesch. D'Videoe kënnen iwwer d'QR-Coden oder d'Links opgeruff ginn.)

Säit 15: Organisation des classes et groupes ALPHA DE et FR

Am Cycle 2 an am Cycle 3 sinn d'Schülerinnen an d'Schüler fir déi sougenannten Niewefächer (Lëtzebuergesch, Sport, Konscht, *Éveil aux sciences*, *Vie et Société* a Musik) zesummen an hirer Klass. Fir de Sproochenunterricht (Däitsch a Franséisch) gi si dann an deen ALPHA-Grupp, deen hirer Alphabetiséierungssprooch entsprécht (ALPHA DE oder ALPHA FR).

Wann et méi Klasse vun engem Joergang gëtt, da setze sech d'ALPHA-Gruppen aus Schülerin-
nen a Schüler aus zwou oder méi Klassen zesummen.

D'Schoulen hunn de Choix, ob si d'Mathé an der Klass oder am ALPHA-Grupp wëlle maachen. Onofhängeg vun dësem Choix kréien d'Schülerinnen an d'Schüler hiert Unterrichtsmaterial an hirer Alphabetiséierungssprooch.

Säit 16: Cycle 4


Säit 17: Langues au cycle 4

Am Cycle 4 sinn d'Schülerinnen an d'Schüler erëm fir all d'Schoulfächer zesummen an enger Klass. Si hunn d'selwecht vill Unterrichtseenheeten am Däitsche wéi am Franséischen.

Säit 18: Orientation à la fin du cycle 4

Um Enn vum Cycle 4 ginn d'Schülerinnen an d'Schüler an deen Ordre d'enseignement orien-
téiert, deen am beschte bei hir Erwaardungen, Interessien a Kompetenze passt:

- Secondaire classique,
- Secondaire général,
- eng europäesch / international Schoul.



Säit 19: Vidéos explicatives

An dësem Video gëtt "ALPHA - zesumme wuessen" erkläert.

(De Video ass a véier Sproochen disponibel: Lëtzebuergesch, Franséisch, Portugisesch an Englesch. D'Videoe kënnen iwwer d'QR-Coden oder d'Links opgeruff ginn.)

Säit 20: Informations

Um Internetsite alpha.script.lu fënnt ee vill Informatiounen ronderëm d'Reform "ALPHA - zesumme wuessen".

Et gëtt een Zougang fir Elteren an ee fir Enseignanten. Hei fënnt een ënner anerem Erklärungsvidéoen, détailléiert Informatiounen zum Fonctionnement, Erfahrungsberichter, Praxisbeispiller souwéi weider Ressourcen.

Ofschléissend sinn um Flyer schonn eng ganz Rëtsch konkret Informatiounen ronderëm d'Organisatioun vun "ALPHA - zesumme wuessen" souwéi d'QR-Coden zu zwee Filmer, déi och an dëser Präsentatioun sinn.

Le luxembourgeois
Au cycle 1, la langue luxembourgeoise est la langue d'enseignement et d'intégration.
Aux cycles 2 à 4, les cours d'initiation aux sciences, de vie sociale ainsi que les activités artistiques et sportives sont enseignés en luxembourgeois. Dans ces cours, à l'exception des cours de luxembourgeois, les supports pédagogiques sont disponibles en allemand et en français.

Deuxième langue
Au cycle 2, les élèves alphabétisés en allemand apprennent la langue française à l'oral et ceux alphabétisés en français apprennent la langue allemande à l'oral.
Au cycle 3, les élèves qui ont appris à lire et à écrire en français ont plus de leçons d'allemand. Les élèves qui ont appris à lire et à écrire en allemand ont plus de leçons de français.
Au cycle 4, tous les élèves ont le même nombre de leçons de français et d'allemand.

alpha.script.lu | alpha.script.lu

Organisation des classes et des groupes ALPHA (DE/FR)
Les élèves sont ensemble dans leur classe. Aux cycles 2 et 3, ils rejoignent toutefois leur groupe ALPHA pour l'apprentissage des langues et, le cas échéant, des mathématiques.

LES LANGUES dans l'enseignement fondamental

Cycle	Langue d'enseignement	Langue d'intégration	Langue d'apprentissage
Cycle 1	DE	FR	DE
Cycle 2	DE	FR	DE
Cycle 3	DE	FR	DE
Cycle 4	DE	FR	DE

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse